

mools eng Campagne, déi huet geheet: „Wa se mech net provozéiert hätt, dann hätt ech si net geschloen.“

Duerfir sinn ech eigentlech méi zouversichtlech iwwer all déi Saachen. Dat brauch just laang Zäit, a mir si jo heiansdo ongedëleg. Mä wéi gesot zënter datt dat Gesetz do ass, ass et op eemol ëmmer jiddferengem seng Iddi gewiescht, datt een dat misst maachen, a jiddferen huet ewell ëmmer gewosst, datt een eppes dergéint misst ënnerhuelen. Ech sinn also och dovun iwwerzeegt, datt, wa mer nach e puer Joer erëm hunn, dann op eemol och ewell ëmmer jiddferee gesot huet, datt et jiddferengem seng Meenung gewiescht wier, datt een de schwedesche Modell oder wéi en dann och ëmmer heescht och misst hei zu Lëtzebuerg aféieren.

Dat, wat mech nu richteg awer stéiert, dat ass, datt ee kënnt do iergendwou e Mënsch als Stéck, als sexualiséierte Wäert vun deem sexualiséierte Kierper ugesinn. Dat ass, wat ee sech net ka virstellen, datt een eng Persoun nëmmen ënner hirem äusserleche Kierper gesäit an dann dacks och nach nëmme verschidde Stécker dovun - et ass jo nach emol net dee ganze Kierper, deen ee brauch, mä eenzel Stécker dovun.

Ech muss soen, datt ech wierklech och domadder Problemer hunn, wa gesot gëtt, wa mer dat net méi erlaben, da geet zu Lëtzebuerg näischt méi, an dann hu mer alles net méi an der Industrie an néierewou klappt méi eppes, well d'Leit, déi heihinnerkommen, déi mussen awer schliesslech och esou eppes fannen. Dat, mengen ech, ass awer och esou eppes, wat net därëf eise Markennumm sinn!

Mat dëser Etüd, mat dëser Ëmfro wollte mer - esou wéi och haut mat där Debat, déi mer hei gefouert hunn - dat Thema op den Dësch bréngen, fir datt mer doriwwer kënnen an alle Facetten diskutéieren, wou mer virun allem och wëllen d'Männer sensibiliséieren, déi op esou eppes géife goen.

Zu de Froen, déi de schwedesche Modell opwerft: Do soen d'Kritiker vun deem Gesetz, d'Prostitutioun wier elo net méi esou sichtbar a si wier méi schwierig ze kontrolléieren, well alles iwwert den Internet géif goen. Mä déi Entwécklung vum Internet, déi gëtt et natierlech awer och an deenen anere Länner an op anere Plazen. Dat ass also net eppes, wat mat deem Gesetz eppes ze dinn hätt.

D'Prostituéiert oder déi, déi emol Prostituéiert waren, hunn ënnerschiddlech Usichten iwwert dat Gesetz. Déi eng soen, et wier schlecht, well doduerch datt de Client géif kriminaliséiert ginn, hätte se manner Clienten. Anerer soen awer, si wiere ganz frou doriwwer, well dann endlech och d'Ausbeutung an de Mëssbrauch duerch de Client géif erauskommen.

Virun allem soen ech mer och, datt et schwierig géif a schwierig ass, bis elo op jiddfer Fall, de schwedesche Modell ëmzesetzen. Mir hunn ëmmer erëm gemierkt, datt een zu Lëtzebuerg souwisou kee Modell vun engem Land an de Grapp kann huelen an da soen, elo maache mer dat hei. Dat fonctionnéiert souwisou net.

Ech kéint mech mat esou enger Mëschform, vun där och d'Madame Err hei Propositione gemaach huet, duerchaus ufrënnen, fir ze kucken, wat eenzel Elementer sinn, déi ee ka maachen, an anerer, déi een och net ka maachen, fir eben deene Leit ze hëllefen, hir Liewenssituatiounen ze verbesseren. Eng ganz Partie Dossieren, déi wéi gesot och hei ugefrot goufen, déi hu mer op engem informelle Wee geregelt doduerch, datt ee sech kann an d'Pensiounskeess mellen an datt ee sech kann an d'Krankekeess mellen.

Ech si wierklech net der Meenung an ech bleiwen definitiv net der Meenung, datt d'Professionaliséierung eng Äntwert op déi Fro ass. Jiddferen, dee sech méi genee dofir interesséiert, soll net d'Rapporte vun de Regierungen, well deene gleewe mer jo net méi, mä awer déi vun den ONGen an deene Länner liesen, déi alleguete soen, et huet zu näischt gefouert - an och dat ass hei gesot ginn -, well ganz vill Fraen dovu kee Gebrauch maachen. Si wëlle keng Steiere bezuelen, also wëlle se och net ageschriwwen sinn an enger Krankekeess an enger Pensiounskeess. Wéi gesot, dat Aschreiwe kënne mer souwisou zu Lëtzebuerg maachen, ouni datt mer mussen d'Gesetzer änneren.

Den Eroscenter, ech hu viru Joren och dofir plädéiert, Här Meisch, duerfir sinn ech jo och méi virsiichteg ginn. Ech plädéieren elo nëmme méi mat engem méigleche liichte positiven Effekt fir de schwedesche Modell, well ech festgestallt hunn, datt och en Eroscenter zu Lëtzebuerg, well mer e klengt Land sinn, net vill géif bréngen. Ech brauch lech net eenzel Zeitungen ze nennen, déi da mam Fotoapparat hannert der Heck

géife leien, wann een do géif schelle goen. Do géift Der lech dann alleguerten oder anerer géife sech do erëmgessinn, déi dohinner géife goen, an da geet kee Mënsch méi.

Et muss ee sech dat einfach virstellen. Ech hu jo och d'Praxis dovunner gesinn: An en Eroscenter därëf keen Drogéierten eragoen, déi huele keng drogéiert Persounen op. An engem Eroscenter ass och keen Zouhälter zougelooos, esou datt Dir eng Partie vu Problemer an deene grouse Stied vläicht kënnt doduerch léisen. Dat do besteet zu Köln zum Beispill, do gëtt et e Parking, deen extra agericht ginn ass mat esou Boxen derbäi, mat Duschen, mat dëst a mat dat. Mä wéi gesot, dat ass och net eppes, vun deem ee ka soen, datt domadder dann all Problem och aus der Welt ass - esou wéineg wéi mat engem anere Modell.

Da gouf ëmmer gesot, ma mir mussen déi Gesondheetskrollen aféieren. Och do wëll ech soen, datt ee moies kann...

(Interruption)

Do wier et méi néideg, jo, dat ass allerdéngs richteg. Mä wann ee moies zum Beispill bei esou engem SIDA-Test war, an dee moies nach negativ war, an een owes vun iergendengem infizéiert gëtt, dann hëlleft dat net ganz vill, well an deene sechs Wochen oder zwee Méint, ier Der an deen nächste Test gitt, kann erëm eng kéier déiselwecht Infektioun op een aneren iwwerdroe ginn.

Ech wëll awer soen, datt et och nei Schwie-regkeete gëtt, oder mer der gemellt ginn, an zwar zum Beispill, datt an den Altersinstitutionen, Altersheimer a Fleegeheimer ëmmer méi Infirmièren a Fraen, déi do schaffen, vu männleche Pensionäre sexuell belästegt an och ugegraff ginn, wat selbstverständlech awer och eng Katastroph ass, a wou och déi Leit sech dat net musse gefale loossen.

» Une voix.- Très bien!

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Wéi gesot, ech denken, datt et wichteg ass, datt mer kucken, wat déi Erfahrung sinn, déi mer am Ausland maachen - gudder a schlechter -, an och kucken, Campagnë géint d'Prostitutioun ze maachen, opzklären iwwert d'Mënscherechter an och iwwert de Mënschenhandel, iwwert d'Egalitéit vun de Fraen an de Männer, an doriwwer, datt een net kann e Mënsch zu engem Stéck oder fir eng Zäit kafen, esou wéi ee sech en Taxi ka lounen.

Et gëtt vill Facetten, vun deenen hei de Mëtteg geschwat ginn ass. Duerfir sinn och all d'Elementer mat Serenitéit am Fong ze studéieren an ze diskutéieren, fir dann déi beschte Léisung ze fannen, well mer bis elo déi gutt Léisung nach néierens fonnt hunn, an ech mengen, datt et déi gutt Léisung och net gëtt. Vun dohier ass awer ze kucken, déi Elementer, déi mer de Mëtteg hei beieneen héieren hunn, beieneen ze kréien an domadder awer e Modell erauszefannen, deen dann de Lëtzeburger Modell géif ginn an eis méi Satisfaktioun kéint ginn.

Iwwert déi Motioun vun der Madame Braz kann ech...

» M. le Président.- Madame Jacobs, erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madame Loschetter?

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Selbstverständlech.

» M. le Président.- Madame Loschetter!

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Ech sinn zwar nach ëmmer d'Madame Loschetter, mä dat ass...

(Hilarité)

» M. le Président.- Dir wëllt gären eng Fro stellen?

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Dat ass, well ech den Här Braz hei ënnen op dem Ziedel gesinn hunn. Entschëllegt!

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Jo, zwou Saachen. Eng Fro nach zu deem, wat d'Madame Ministesch elo gesot huet, an eng Bemierkung zur Motioun.

Zu der Fro: Hutt Dir wëlles - Dir sot, d'Prostituéiert kënne sech, wa se wëllen, ënnert dem Statut vum Travailleur indépendant umellen - Moosnamen ze ergräfen, fir déi Persounen, déi a Fro kéimen, och ze encouragéieren - voire iwwer Är Associatiounen -, datt déi och effektiv dozou gräifen an déi dann och effektiv assuréiert ginn? Dat war och déi Fro, déi mir lech virdru gestallt

hunn. Jiddferen hätt jo e Recht op déi Garantien an op déi Sécherheeten, also och déi dote Persounen. Also missten déi iwwer e Wee dohinner bruecht ginn. Gëtt et Iwwerleeungen dozou?

Dat Zweet, do wollt ech souwuel der Madame Err, mä ech denke virun allem hei der Madame Ministesch nach eng kéier soen: Mir kënnen och e bësse méi kloer ginn an eiser Motioun. Mä hei geet et wierklech ëm eng national Politik an et geet och wierklech ëm e Gesetz, wat de Moment esou dosteet a wat de Moment och esou per nationaalt Gesetz am Fong geholl d'Prostituéiert nach ëmmer pénaliséiert, - de Client wuel net, mä d'Prostituéiert gëtt jo awer nach ëmmer pénaliséiert.

Entweder ännere mer d'Gesetz oder mir étudiéieren, dat heescht mir kënne méi kloer ginn, amplaz ze soen „à recommander“, datt mer einfach soen „à analyser“ oder carrément „à entamer une modification de la législation“, fir datt eben déi Persounen net pénaliséiert ginn.

Ech denken dat ass souwuel de schwedesche Modell, d'Dépénalisation vum de Prostituéierten, dat ass e reglementaristesche Modell, an dat ass des Weideren déi Resolutioun vum Conseil de l'Europe, déi dat och seet. An ech schwätzen hei vum nationalen Niveau, ob déi eng oder déi aner oder als Drëtt d'Gemeng, déi muss sech jo dann och deem herno iergendwéi adaptéieren.

Mir kënnen och domadder liewen, wann deen Tiret fort ass. Dann hu mer nach ëmmer, denken ech, hei an dëser Chamber décidéiert, datt notament zum Beispill d'Poliziste vum Commissariat vun der Gare emol iwwerhaupt a vill méi regelméisseg Weiderbildunge kréien, well do gëtt et nach vill Problemer. Mä ech denken et wär awer immens wichteg, datt mer déi Prostituéiert, déi do op de Stroosse stinn, dépénaliséieren. Da misste mer effektiv eng Etüd zumindest lancéieren - Madame Ministesch, Dir kënnt dat jo mat Ärem Kolleeg an der Regierung diskutéieren -, fir eng Ännerung vun deem Gesetz ze maachen.

» M. le Président.- Jo, ech weess och net, Madame Loschetter, hutt Dir nach eng kéier hei en Exposé gehalten?

(Hilarité)

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Neen, ech hunn eng Prezisioun zu deem drëtten Tiret vu menger Motioun ginn.

» M. le Président.- Jo, mä d'Motioun, déi kënnt jo elo no der Debat! Loosse mer elo emol d'Madame Jacobs ausschwätzen!

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- D'Madame Jacobs war bei der Motioun ukomm. Dofir wollt ech virgräifen!

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ech wollt just dozou wierklech soen, datt ech mat deem drëtten Tiret, esou wéi en elo dosteet, op jidde Fall net kann d'accord sinn, well ech ka mer jo net virstellen, datt eng Regierung soll d'Police opruffen, fir net hir Aufgab ze maachen. Also, egal a wéi enger Hypothees, mä dat ka sécher net goen.

Mir si selbstverständlech gäre bereet, nach eng kéier mat deene verschiddene Services beieneenzekommen, déi ëmmer am Kontakt sinn, fir op Är Fro ze äntwerten, déi Der virausser gestallt hutt, fir déi Prostituéiert opzklären iwwert déi Rechter, déi se hunn, a se ze ermonteren, fir och vun deene Méiglechkeeten, ob dat d'Krankekeess oder d'Pensiounskeess ass, Gebrauch ze maachen.

Merci, Här President.

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister. Voilà, mir sinn um Enn vun der Debat. Mir si konfrontéiert mat der Motioun vun der honorabler Madame Loschetter.

Motion 1

(Interruption)

Jo?!

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Neen, meng Proposition - Dir hutt net nogelauschtert...

» M. le Président.- Oh dach!

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Dir hutt mir gesot, ech hätt ze laang geschwat.

» M. le Président.- Et war relativ vill Duercherneen, mä ech mengen d'Proposition war de leschten Tiret...

» M. Ben Fayot (*LSAP*).- Et ass net kloer, Madame Loschetter!

(Interruptions diverses)

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Also nach eng kéier: Meng Proposition wär ze soen, «à analyser une modification de la législation afin de modifier les règles de poursuite pour délits d'outrages publics aux bonnes moeurs». Ganz einfach ze analyséieren, wat kann een un deem Gesetz änneren, fir datt mer d'Dépénalisation vum de Prostituéierte kréien.

(Interruptions)

» M. le Président.- An den drëtten Tiret géif gestrach ginn?

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRÉNG*).- Den drëtten Tiret géif esou ersat ginn, wéi ech lech elo just matgedeelt hunn.

» M. le Président.- Den Här Fayot!

» M. Ben Fayot (*LSAP*).- Här President, ech géif der Madame Loschetter proposéieren, si soll ons en Text redigéieren an ons dee muer matbréngen, da kucke mer deem Text an da stëmme mer doriwwer of.

» Une voix.- Ah, de bon sens schwätzt aus dem Här Fayot!

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Fayot, dat ass eng exzellent Proposition. Dann hu mer d'Méiglechkeet fir muer nach eng kéier d'Debatt opzegräifen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn nach net um Enn vun eisem Ordre du jour ukomm. Mir kommen elo zum leschte Punkt vun dësem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5599 iwwert d'Transparence des relations financières - Modell 1. Ageschriwwen si bis elo: déi Häre Sauber, Bodry a Kox. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Jos Scheuer, deen net hei si kann an dee vum honorabelen Här Bodry, deen de Rapport fir den Här Scheuer mécht, ersat gëtt. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

9. 5599 - Projet de loi portant - modification de la loi du 19 février 2004 portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les États membres et les entreprises publiques, ainsi qu'à la transparence financière dans certaines entreprises; - transposition de la directive 2005/81/CE de la Commission du 28 novembre 2005 modifiant la directive 80/723/CEE précitée

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports

» M. Alex Bodry (*LSAP*), rapporteur, en remplacement de M. Jos Scheuer.- Ech probéieren dat esou gutt wéi méiglech ze maachen, Här President. Den Här Scheuer ass effektiv weinst parlamentaresche Verflchtungen am Ausland an hien huet mech gebieden, säi Rapport hei mëndlech virzedoen.

Ëm wat geet et bei deem heite Projet? Et geet ëm d'Ëmsetzung vun enger Direktiv vun 2005. Déi Direktiv betrëfft d'Fro vun de Statshëllefe respektiv d'Kompensatiounen, déi vun öffentlecher Sait u Betriber bezuelt ginn, wa se öffentlech Déngschter fir de Stat oder fir d'Gemengen duerchféieren.

Dir wësst, dass et an Europa Bestëmmunge gëtt, déi d'Transparenz betreffen, wat d'Relatiounen vun de Memberstate mat den öffentleche Betriber ugeet respektiv d'Transparenz wat d'Finanzgebare vun eenzelne Betriber ugeet, notament och déi Betriber, déi esou Services d'intérêt économique général ausféieren.

Déi Direktiv hei ass entstanen opgrond vun enger Rechtsspriechung vum Europäesche Geriichtshaff, de 24. Juli 2003, dat war eng Affär Altmark, an do huet et sech gehandelt ëm eng Fro vu Konzessioun wat de lokale Bustransport ugeet. An deem Zesummenhang, wou also e Betrib eng Lizenz kritt huet, fir ebe kënnen dee lokale Busservice do duerchzeféiere fir d'Gemeng, a wou e Konkurrent geklot huet a gesot huet, dat dote si verstoppten öffentlech Aiden, déi hei un deem anere bezuelt gi sinn.

An deem Zesummenhang huet den Europäesche Gerichtshaff festgeluecht, ënner wat fir enge Konditiounen esou Lizenze kënnen vergi ginn, an och kloer determinéiert, wa véier prezis Konditiounen erfëllt sinn, datt et an deem Fall sech net ëm eng staatlech Hëllef am Sënn vun den europäeschen Traitéen handelt, mä datt et eng Kompensatioun ass, an datt dann am Fong déi Bestëmmungen iwwert d'staatlech Bähëllef, déi am europäesche Recht festgeschriwwen sinn, net gëllen.

D'Kommissioun ass awer der Meenung, datt esou Betriber mussen transparent finanziell funktionnéieren, dat heescht, datt also mussen notament separat Konte gefouert gi fir esou Betriber, déi op där enger Säit opgrond vun enger Lizenz oder vu Spezialrechter esou en öffentleche Wirtschaftsservice ausüben, an op där anerer Säit awer och nach eng normal kommerziell Aktivitéit hunn. Esou Betriber mussen, no der Meenung vun der Kommissioun an och no der Meenung vum Europäesche Conseil - soss wär déi Direktiv jo net zustane komm - a vum Europaparlament an Zukunft also separat Konte féieren. Dat war elo an de bestehenden Texter net kloer, well do nëmme vu Betriber geschwat ginn ass, déi op öffentlech Aiden zréckgräifen.

Kompensatioun an öffentlech Aidë kënnen zwou verschidde Saache sinn, no der Rechtsspriechung vum Europäesche Geriichtshaff, an dofir sollen an deem Sënn déi Texter ëmgeännert ginn. An nationaalt Recht gëtt also elo ageschriwwen, dass déi Obligatioun, fir Rentekonten ze féieren, och gëllt fir Betriber, déi opgrond vun enger Lizenz esou öffentlech Dëngschtleeschtingen duerchféieren an eng Kompensatioun kréie fir déi Duerchféierung vun deem

öffentlechen Dëngscht, a gläichzäiteg natierlech och eng kommerziell Aktivitéit hunn.

Déi Direktiv gëtt hei eent zu eent ëmgesat. Si fënnt den Accord vun de Chambres professionnelles. Si fënnt den Accord vum Statsrot. Dat Eenzezt, wat mer iwwerhuelen, dat ass d'Ännerung vum Titel vun deem Projet de loi, deem elo och zousätzlech mat drakënnt, dass et sech hei ëm eng Modifikatioun handelt vum Gesetz vum 19. Februar 2004. Dat ass e Vorschlag, deem de Statsrot gemaach huet, dee mer iwwerhuelen.

Ech géif dann am Numm vum Rapporteur an och vun der Kommissioun d'Chamber bieden, deem heiten Text guttzeheeschen.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Wann d'Fraktiounen alleguerter mat de Konklusione vum honorablem Här Bodry d'accord sinn, an d'Regierung souwisou...

Den Här Krecké?

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, ech hunn näischt bäizefügen. Dat Eenzezt, wat ech wollt soen, dat ass, dass mer et hei mat enger Matière ze dinn hunn, mat där mer wahrscheinlech nach méi oft konfrontéiert ginn. Duerfir ass et noutwendeg, dass mer dat Gesetz hei maachen. Well dat ass alles, wat mir esou ënner Service public verstinn, wat sech dorënner verstoppt, an alles, wat awer d'Europäesch Kommissioun als Service d'intérêt économique général gesäit - dat ass d'Notioun vu Service public -, wäerte mir nach des Öfteren ze diskutéiere kréien. Da komme mer ëmmer erëm op d'Fro: Wat ass erlaabt a wat ass net erlaabt?

Duerfir wäert ech mer erlaben, wann d'Kommissioun mat d'accord ass, och an der zoustänneger Kommissioun eng Kéier iwwert de ganzen Aidë-Katalog ze kucken, dee mir och um Niveau vun der Regierung amgaange sinn ze kucken an ze analyséieren. Fir de Rescht sinn ech frou, dass d'Chamber anscheinend massiv dat do wäert stëmmen.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Här Minister, d'Chamber seet lech Merci fir Är gutt getimete Ried.

Sommaire des séances publiques

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG au sujet de l'éducation précoce	pages 23-26
Heure d'actualité demandée par le groupe CSV au sujet de la ligne ferroviaire du Nord	pages 26-28
5723 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à l'extension du centre intégré pour personnes âgées à Berbourg	pages 28-30
Résolution de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire concernant les comptes de l'exercice 2005 de la Cour des Comptes	page 30
5618 Projet de loi sur le service volontaire des jeunes, modifiant 1° le Code des assurances sociales, 2° la loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la Caisse nationale des prestations familiales et abrogeant la loi du 28 janvier 1999 concernant le service volontaire	pages 30-33
5777 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2005	pages 33-34
Communications	page 34
4909 - Proposition de loi sur le droit de mourir en dignité	page 35
Propositions de loi 5793 et 5794 (Déclaration de recevabilité)	page 35
Ordre du jour	page 35
Heure d'actualité demandée par la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration au sujet du Traité réformateur	pages 35-39
Dépôt d'une motion par M. Félix Braz	pages 39-40
5517 - Projet de loi portant réglementation de l'activité d'assistance parentale et 5428 - Proposition de loi de M. Claude Meisch portant réglementation de l'activité d'assistant maternel	pages 40-45
Interpellation de Mme Viviane Loschetter au sujet de la prostitution au Luxembourg (modèle suédois)	pages 45-51
5599 - Projet de loi portant - modification de la loi du 19 février 2004 portant transposition de la directive 2000/52/CE de la Commission du 26 juillet 2000 modifiant la directive 80/723/CEE relative à la transparence des relations financières entre les États membres et les entreprises publiques, ainsi qu'à la transparence financière dans certaines entreprises; - transposition de la directive 2005/81/CE de la Commission du 28 novembre 2005 modifiant la directive 80/723/CEE précitée	pages 51-52

Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5599 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement (par M. Marco Schank), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Norbert Hauptert), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel et Lucien Weiler;

MM. Marc Angel (par M. Roland Schreiner), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. John Castegnaro), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par

M. Alex Bodry), Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, MM. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur) et Claude Meisch;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.55 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un